



Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 5393 vum 15. Dezember 2021 vum Här Deputéierten André Bauler

De Site vun der Réimervilla zu Schieren ass, wéi den honorabelen Deputéierte richteg undeit, eng vun den archeologesch wäertvollste Plazen am Land, déi onbedéngt während den Ausgruewunge fachgerecht an intensiv betreit soll ginn. No personelle Wiessel am INRA (fréier CNRA), huet de Chantier am Haaptgebaai eng Zäit gerout, déi aner eenzel Gruewungen an der pars rustica, op private Grondstécker, sinn awer weidergelaf an ofgeschloss ginn.

Et läit den Ament nach kee konkrete Projet um Dësch fir eng nohalteg Valorisation vum Site.

De Centre d'Étude des Peintures Murales Romaines zu Soissons huet e Rapport technique an dräi Bänn virgeluecht, deen esouwuel déi éischt wéi och déi zweet Sendung Wandmolereie betrëfft. Doraus geet erfir, dass d'Dekoratioun vun de Saitewänn konnt rekonstituéiert ginn, souwéi déi véier Lunetten an den architektoneschen Opbau vum Kräizverwëllef vum Raum 10.

Dës weidere si Resultater vun der chemescher Zesummesetzung an dem Opbau vun der Speis vun de Wandmolereie vum Raum 10 virgeluecht ginn. D'Analyse vun de benotzte Faarfpigmenter erlabe Réckschlëss iwwert d'Handelsbeziungen vun deemols.

Donieft si natierlech Berichter iwwert d'Restauratiounsaarbechten entstanen, déi wichteg si fir och an Zukunft ze wëssen, wéi ee mat deene restauréierte Fresken ëmgoe kann a muss.

Aktuell si mir an der Phase 2 vun der Stabiliséierung vun de Wandmolereien aus dem Raum 10 vu Schieren.

Mëttlerweil sinn och Wandmolereifragmenter aus dem Raum 25 an dem Raum 17 op Soissons gaange fir zesummegeat ze ginn.

Am Verglach mat de Wandmolereifragmenter déi bis elo aus de Reim 25 an 17 gebuerge goufen, schénge de Raum 10 deen ze sinn, dee verhältnisméisseg am prächtigesten ausgemoolt war.

Lëtzebuerg, de 15. Mäerz 2022.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson